N°3848
Entrée le 27.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.03.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannend Sécherheet an un d'Madamm Justiceministerin weiderzeleeden.

Aktuell gëtt an Däitschland eng Affär ronderëm eng ëffentlech Perséinlechkeet déi eng Plainte géint hiren Ex-Partner agereecht gouf, wéinst presuméierte Fäll an Zesummenhang mat Verbreedung oder dem mëssbräichleche Gebrauch vu privaten digitalen Inhalter. Dës Affär bréngt d'Diskussioun iwwer de Schutz vun der Privatsphär, d'net-consensuell Verbreedung vun intime Contenuen („revenge porn") an den Asaz vun neien Technologien, wéi beispillsweis "Deepfakes".

An deem Kontext géif ech gären de concernéierte Ministeren déi folgend Froen stellen:

- Wéi gesäit den aktuelle gesetzleche Kader zu Lëtzebuerg aus am Beräich vum Schutz géint d'net-consensuell Verbreedung vun intime oder private Contenuen um Internet? Plangt d'Regierung, dëse gesetzleche Kader ze stäerken, besonnesch am Liicht vun de rezente technologeschen Entwécklungen?
- Ginn et Statistiken oder Donnéeën iwwer Plainte, déi zu Lëtzebuerg agereecht goufen am Zesummenhang mat „revenge porn" an „Deepfake" iwwer digital Mëttelen? Wéi vill dovun féieren zu enger juristescher Verfolgung? Wéi gesäit et aus mat Geriichtsentscheedungen zu Lëtzebuerg, déi sech speziell mat esou Fäll beschäftegen?
- Wéi eng Begleed- an Supportmoossname ginn et fir Affer vu digitaler Gewalt, besonnesch am Beräich vun juristescher an psychologescher Hëllef?
- A wéi wäit gëtt eng europäesch oder international Zesummenaarbecht envisagéiert, fir géint déi grenziwwerschreidend Verbreedung vun illegale Contenuen, déi d'Privatsphär verletzen, virzegoen, zb wann et ëm d'Läsche vun dëse geet oder d'Verfollegung vun Täter geet?
- Gesäit d'Regierung e Besoin fir méi staark Preventiouns- an Sensibiliséierungscampagnen am Beräich vun digitaler Gewalt?

Mat déiwem Respekt

Taina Bofferding

Deputéiert



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu